

Evangelium vum 2. Faaschtesonndeg C

Lk 9, 28b-36

KONTEXT

Mat dem Evangelium vun dësem 2. Faaschtesonndeg C sti mer zimlech um Schluss vum Jesus sengem Ënnerwee-sinn a Galiläa. Elo grad sinn déi Zwielf erëm vun hirer éischer Missioun a si hunn sech aktiv un der sougenanntener « Brotvermehrung » bedeelegt (9, 1 -17), de Péitrus huet säi Glawensbekenntnis gemeet (9, 20), dat direkt vum Jesus an déi richteg Bunn gelénkt (9, 21f) an op d'Nofolleg vun deem eenzelne bezu gëtt (9, 23ff). An da kënnt d'Epiphanie op engem Bierg (d' « Verklärung », 9, 28-36, si gesinn dem Jesus seng Herrlechkeet a kréie gesot, wien hien ass), eisen Text, an deem « vun uewen erof » (an enger Theophanie) wéi d'Ënnerschrëft gesat gëtt ënnert dat, wat grad geschitt ass an engems d'Richtung weist erop op Jerusalem, de Wee a Richtung Passioun, deen a Lk 9, 51 ufänkt.

Wa mer wësse wëllen, wéi Gott ass, da musse mer op de Jesus kucken a lauschteren; den Text vun haut mécht kloer, datt am Jesus, a senger Mënschlechkeet eppes vu Gott duerchschéngt, datt an him an duerch hien eppes spierbar gëtt vu Gott.

D' « Verklärung » fanne mer och beim Mk a beim Mt (Mk 9, 2-8 ; Mt 17, 1-8). Mee, wann och de Skelett vun den Erzielunge sech gläicht, esou huet dach jiddfer Evangelist seng Akzenter gesat. « Verklärung » steet hei a « », well dat griichescht Verb « metamorphoomai »/ « verwandelen, ëmwandelen » (Mk 9, 2 ; Mt 17, 2) kënnt am Lk net vir, d'Erzielung gëtt trotzdeem meeschtens esou genannt.

TEXT

De Jesus huet de Péitrus, de Johannes an de Jakobus matgeholl an ass op e Bierg eropgaang fir ze bieden. (V. 28b) :

Hei hu mer erëm déi dräi - de Péitrus, de Johannes an de Jakobus - déi dem Lk senge Chrëschte wahrscheinlech als déi dräi Saile vun der (Ur-)kierch bekannt waren. – De Jesus geet op e Bierg fir do ze bieden. Op engem Bierg soll een d'Gefill hu Gott méi no ze sinn (cf. z. B. de Moses um Sinaï). De Lk insistéiert, am Géigesaz zum Mk an zum Mt, op dem Jesus säi Gebied, ëmmer virun oder a wichtege Momenter a sengem Liewen (cf. 3, 21 ; 5, 16 ; 6, 12 ; 9, 18 ; 10, 21 ; 11, 1 ; 22, 31f. 39ff ; 23, 34.46). - An tselwescht wéi iwwert dem Gebied no senger Daf oder um Olivebierg, kritt hien eng Äntwert an enger Theophanie (= wou Gott sech a 9, 34-35 manifestéiert ; cf. 3, 22 ; och 22, 43):

Iwwerdeems hie gebied huet, huet säi Gesiicht sech verännert, ... (V. 29) :

Hei schwätzen de Mk an de Mt vun der « Ëmwandlung » (cf. Mk 9, 2f ; Mt 17, 2). Beim Lk steet wuertwärtlech « an et geschouch/ an et gouf, iwwerdeems hie gebied huet, de Schäi vu sengem Gesiicht en aneren », d. h. och wann de Lk sech anescht ausdréckt, duerch de passiv (passif divin) kréie mer bei en allen dräi gesot, datt dat, wat da geschitt vu Gott kënnt. – An der apokalyptescher Litteratur (z. B. 1Hen, 4Esdras) sinn esou Ännerungen/Ëmwandlungen d'Zeechen, datt een auserwilt ass.

An op eemol hunn zwéi Männer sech mat him ënnerhal. Et waren de Moses an den Elias ... (Vv. 30-31) :

Heiandsdo ginn an dem Moses de Vertrieder vum Gesetz gesinn an an dem Elias de Vertrieder vun de Prophéiten ; de Jesus géif dann déi zwou Funktiounen a sech vereenegen ; eng aner Méiglechkeet ass am Moses an am Elias déi ze gesinn, déi erëmkomme sollten, just virum Messias (Mt 17, 10f ; Mt 3, 23 ; Sir 48, 10 ; cf. Apk 11, 6) ; dës Traditioun gëtt et am Juddentum, well esouwuël den Elias wéi de Moses lieweg an den Himmel eropgeholl solle gi sinn (2Kinn 2, 11 ; de Moses trotz Dtn 34, 5f - Vlächcht hat de Lk och déi zwou Méiglechkeeten am Kapp. – **Si sinn an Herrlechkeet erschéngen**, d. h. si hunn Undeel un dem Herrgott senger Herrlechkeet, well si zu Liefzäiten um Herrgott sengem Wierke matgeholf hunn (Ex 34, 29ff ; 2Kor 3, 7ff ; de Jesus huet och déi Herrlechkeet, cf. V.32) an dunn op eng aussergewöhnlech Manéier aus dëser Welt bei Gott eropgeholl si ginn (cf. supra). – Dem **Jesus säi leschte Wee** gëtt just beim Lk als « Exodus » bezeechent. De Lk huet hei wahrscheinlech e Wuertspill gemeet : den « Exodus » ass den Doud, an an engems erënnert d'Wuert un den Auszuch aus Egypten. - De Jesus ass also de Messias, ze gesinn an der Fortsetzung vun engem Moses an engem Elias. An et gëtt keen anere Wee, wéi deen op **Jerusalem** zou. De Mk an de Mt insistéieren net op dat, wat geschwat gëtt.

Dem Péitrus an deenen, déi bei him waren, waren d'Ae vu Middegkeet zougefall. Wéi si waakreg gi sinn, ... (Vv. 32-33) :

Déi dräi (Péitrus, Johannes a Jakobus) hunn also net matkritt, wat bis elo geschitt ass a wat an der Tëschenzäit geschwat ass. (Tselwescht schlofen d'Jünger hannenoter um Olivebiereg, wou de Jesus, am Géigesaz zu dier Erzielung hei, mat senger Doudangscht kämpft.) – Si schéngen nach net ganz waakreg ze sinn, well si weise keng Reaktioun, wéi si dem **Jesus seng Herrlechkeet gesinn**.

Wéi dës vun him fortgang sinn, sot de Péitrus ... (V. 33) :

Doduerch datt de Lk de Péitrus Zelter opriichte loosse wëllt, wéi de Moses an den Elias fortginn, trennt hien d'Theophanie méi vun der Epiphanie. – Wéi de Péitrus erkennt, datt déi zwéi Männer de Moses an den Elias sinn, resp. ier hien aus purer Héiflechkeet Zelter opriichte wëllt (eng Uspillung un « Sukkot »/ « Laubhüttenfest », wou fir unzufänken un den Auszuch aus Egypten erënnert gëtt, cf. Lev 23, 42f, an och d'Erntedankfest mat afléisst ?), gëtt net gesot. Fromm Kreeser hunn zum Jesus senge Liefzäiten Hütten/Zelter gebaut, an deenen si da symbolesch op dem Messias säi Komme gewaart hunn. - D'Funktioun vun deem Saz schéngt beim Lk kloer : d'Zeen mat deenen zwéi Männer trenne vun der Zeen mat der Wollek. An dach gräift eent an d'anert an d'Saache si guer net esou kloer: Sinn de Moses an den Elias dann elo nach do a ginn Zeie vun der Stëmm aus der Wollek, oder net méi ? Wat heescht (am **V. 36**) du « war nëmmen nach de Jesus do », heescht dat « ouni d'Wollek », oder ouni déi zwéi Männer ? – Wéi mer et och dréinen, mer kréien duerop keng Äntwert. – Dem Lk säi Message ass awer ze verstoen : de Jesus ass d'Jarnéier tëscht eisem Alen Testament (jee nodeems, wéi een de Moses an Elias versteet, ass am Jesus dat erfëllt, wat si ugekënnegt hunn, an/oder hie selwer ass deen an dat ugekënnegt, de Messias) an eppes Neiem, dat sech zu Jerusalem

erfëlle soll. De Péitrus ried de Jesus, wéi schonn a Lk 5, 5, vertrauensvoll u mat « **Meeschter** »/epistatäs. - A Gott confirméiert, wat virdrun ugeklongen ass:

... kouw eng Wollek an huet hire Schiet op si gehäit. Wéi si an d'Wollek erakomm sinn, ... (V. 34) :

De Péitrus gött ënnerbrach. – Mer hunn hei en Hën an Hir tëscht Iwwernatierlechem an dem Péitrus, dee ganz terre à terre ass. D'**Wollek** als Symbol vun der verschleierter Géigewaart vu Gott, war dem Lk senge Nolauschterer/Lieser bekannt : um Bierg Sinaï (Ex 19, 16 ; 24, 15f), während hiner Wanderung (Num 9, 18.22 ; 10, 34), op dem Zelt vun der Offenbarung (Ex 40, 34f), um Tempel (1Kinn 8, 10-12), ëmmer erëm ass si d'Zeeche vun der Präsenz vu Gott, vun enger Theophanie ; eng Wollek gesäit een, mee, si ass net ze faassen, a si verstoppt eigentlech méi, wéi si weist. Esou eng Wollek ass eng schéin Ëmschreiwung vun deem Geheimnis, dat Gott ass. (D'Evangeliste drécken sech eben net geschwollen theologesch aus, ma, fir dat selwescht ze versichen ze soen, gräifen si op Biller aus hirem Glaw zeréck, an nuancéieren se do, wou et hinnen no Ouschteren néideg schéngt.) – D'Wollek **gehäit hire Schiet** op si : Dëst Bild erënnert u Lk 1, 35. – An si gi mat an d'Wollek, an dat Geheimnis « Gott », mat erageholl ! Hir **Angscht** ass wuël ze verstoen ; vläicht ass déi Angscht dat, wat spéiderhin an der Theologie beschriwwe gött als « tremendum et fascinosum simul » ?

An eng Stëmm kouw aus der Wollek a sot : ... (V. 35) :

« **Dat hei ass mäi Jong** » erënnert un d'Ausso bei der Theophanie no dem Jesus senger Daf (3, 22 ; cf. Ps 2, 7). Den Titel « dem Herrgott säi Jong » kënnt aus deem alen israeliteschen Inthronisatiounsritus vum David a senge Nofollger hir ; doduerch, datt de Kinnek gesaleft ginn ass, krut hien Undeel un dem Herrgott sengem « Herrschaftsrecht ». D'Vollek war och mat abegraff an op seng Manéier bedeelegt, iwwert säi Kinnek. Spéiderhin ass dann och heiandsdo dat ganzt Vollek als « dem Herrgott säi Jong » bezeechent ginn. D'Iddi vun enger physescher Ofstamung – wéi mer se z.B. an der griichescher Mythologie begéinen – huet déi biblesch Gedankewelt awer net kennt. An et ass an der Fortsetzung vum « Alen » Testament, datt de Jesus am N.T. als « dem Herrgott säi Jong » betitelt gött ; de Jesus selwer huet sech kaum esou genannt (cf. « Mënschejong »). Et ass eréischt méi spéit, wéi seng Jünger an déi éischt Chrëschten sech un d'Geheimnis vun der Relatioun tëscht dem Jesus a Gott erugetascht hunn, datt dee Lien gemeet ginn ass. Am 1. Réimerbréif 1, 3 gebraucht de Paulus fir d'éischt dësen Titel als eng theologesch Metapher.

« **Deen Auserwielten** » kënnt erëm a Lk 23, 35 bei der Kräizegung. Mer hunn déi zweemol wahrscheinlech eng Uspilling un dee vu Gott Auserwielten, de Kniecht, dee vun de Mënsche veruëcht gött (Is 42, 1 ; 49, 7). (Am Buch Henoch, dat deemools de Leit gutt bekannt war, gött och esou vum Messias geschwat.) « **Op hie sollt dir lauschteren** » : hei schéngt eng Uspilling un Dtn 18, 15 ze sinn (déi mer och an Apg 3, 22 erëmfannen) ; domadder wier de Jesus als « de » Prophét ausgezeechent, op deen dat ganzt Vollek, deem seng Verrieder de Péitrus, de Johannes an de Jakobus sinn, lauschtere soll.

Nodeems d'Stëmm verklong war, war... an si hunn an deenen Deeg kengem eppes vun deem erzielt, ... (V. 36) :

Si zielen also och deenen aneren néng näischt. - Elo ass d'éischt emol d'Zäit fir ze lauschten; d'Zäit fir virunzielen ze goen, wat si gesinn hunn, ass nach net do ; déi Deeg fänken eréischt no Ouschteren un (an daueren un).

(Fränz Biver-Pettinger)